

# Fränkésche Sprachwierders-kalenner fir 't Jor 1988

Ce calendrier comporte pour chacun des 366 jours de l'année 1988 un proverbe ou dicton, reflet de la sagesse populaire des pays de langue francique luxembourgeoise. Si certains représentent des idées dépassées à l'heure actuelle, leur ensemble constitue un trésor culturel d'une valeur inestimable et irremplaçable.

**Collectage :** Albert-Louis PIERNET avec l'aide du dictionnaire luxembourgeois.

**Graphisme :** Marcel KONNE.

Sur chaque page, vous trouverez une reproduction d' une carte postale ancienne d'un village de l'Arelerland.

Les cartes reproduites dans ce calendrier nous ont été aimablement prêtées par des habitants de l'Arelerland et sélectionnées pour vous par Simone Clesse pour l:association culturelle «Arelerland a Sprooch».

Ce calendrier a été réalisé et édité par **Hemechtsland a Sprooch** association pour la promotion et la défense de la culture francique luxembourgeoise.




ARELER LAND A SPROOCH

1988

*Kraacht am Januar
Äis a Schnéi,
gët et am Summer
vill Kar a Kléi.*

## Arel : d'Gerücht

# Januar-Haartmount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Freideg | 1 | *Aarm awer brav, wann et scho schwéier fällt* | Neijooschdag |
| Samschdeg | 2 | *Aarmutt schänt nit, awer se dréckt schwéier.* | |
| **Sonndeg** | **3** | *A klenge Säck fënnt een dacks grouss Ecken* | Dräikinneksdag |
| Moundeg | 4 | *All gutt Rotschléi kommen ze spéit.* | ○ |
| Daaschdeg | 5 | *All Männche säi Brännchen, flaamt en nit, dann dämpt en.* | |
| Mëttwoch | 6 | *All Sau war fir 't éischt e Fierkelchen* | |
| Donneschdeg | 7 | *Am Noper säi Gaart as gutt kraude goën.* | |
| Freideg | 8 | *Am Ongléck erkennt ee séng Frënn.* | |
| Samschdeg | 9 | *An d'Hänn gespaut as nach laang nit geschafft* | |
| **Sonndeg** | **10** | *An eng eidel Scheier kënnt keng Maus* | |
| Moundeg | 11 | *A sénger Par deet en Hellege kee Wonner* | |
| Daaschdeg | 12 | *Aus den Aën, aus dem Häärz* | ◐ |
| Mëttwoch | 13 | *Aus engem Kuelesak rëselt ee kee Miel.* | |
| Donneschdeg | 14 | *Aus Pennénke gët Daleren* | |
| Freideg | 15 | *Bal as nach laang keen Hues gefaang* | |
| Samschdeg | 16 | *Bal as nach wäit vum Wal* | |
| **Sonndeg** | **17** | *Bauere Lëmmelzegkeet, Steemetzesch Ruckelzegkeet a Pafe Begiirlechkeet an Éiwegkeet, Amen!* | |
| Moundeg | 18 | *Besser alles geess wéi alles gesot.* | |
| Daaschdeg | 19 | *Besser aarm an Éiren wéi räich an der Schan.* | ● |
| Mëttwoch | 20 | *Besser de Bauch buscht, wéi datt de Kascht verdierft.* | Sebastiaansdag |
| Donneschdeg | 21 | *Besser 't A verléieren wéi säin éierlechen Numm* | |
| Freideg | 22 | *Besser e Giifchen an der Pan wéi en Hiecht am Weier.* | Vinzensdag |
| Samschdeg | 23 | *Besser enger aler Sau an d'Maul falen ewéi där Klap* | |
| **Sonndeg** | **24** | *Besser eng Laus am Dëppen ewéi guer kee Fleesch* | |
| Moundeg | 25 | *Besser e Pach ewéi e Lach* | Pauls Bekéierong ◑ |
| Daaschdeg | 26 | *Besser mat Rau verkaaft ewéi mat Rau gehal* | |
| Mëttwoch | 27 | *Besser Mécke gefaangen ewéi méisseg gaangen.* | |
| Donneschdeg | 28 | *Besser schlecht Wieder ewéi guer keent.* | |
| Freideg | 29 | *Besser sechs Wochen am Dréppschlag ston wéi an deem Haus Eedem sin* | |
| Samschdeg | 30 | *Besser um Späicher eleng wéi mat enger rosener Fra um éischte Stack.* | |
| **Sonndeg** | **31** | *Besser unhalen wéi duerhalen* | |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ




AREL LER
LAND A SPROOCH

1988

*Wann de Spürkel*
*d'Gewalt hätt ewéi den Haartmount*
*da mischt 't Kallef*
*erfréieren an der Kou.*

Martel : d'Areler Strooss

# Februar-Spiirkel

## Kazemount-Schnéimount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Moundeg | 1 | *Bleif doheem bei dénger Kou, wann-s de gär Fridd wëlls hun a Rou* | |
| Daaschdeg | 2 | *Brav Medercher a gutt Gäns gi mat Zäiten heem* | Liichtmesdag ○ |
| Mëttwoch | 3 | *Buurge mécht Suurgen* | Blasiusdag |
| Donneschdeg | 4 | *Dat as e schlechte Schmadd, die keen Damp verdréit.* | |
| Freideg | 5 | *Dat nootst as ëmmer dat äinfachst* | Agathasdag |
| Samschdeg | 6 | *D'Bouwen an d'Hënn gi sele roueg laaschteneen* | |
| **Sonndeg** | **7** | *De beschte Plou mécht heiansdo eng kromm Fuer* | |
| Moundeg | 8 | *De beschte Preiss daacht näischt* | |
| Daaschdeg | 9 | *Déi al Pëlle leën déi déckst Eer* | |
| Mëttwoch | 10 | *Déi faulst Sau huet ëmmer die gréissten Trach* | ◐ |
| Donneschdeg | 11 | *Déi kleng Schelleme gi gehaang, déi grouss looss se lafen.* | |
| Freideg | 12 | *Déi razeg Kéi sin am Begéierlechsten* | |
| Samschdeg | 13 | *Déi räich Leit kloen am meeschten* | |
| **Sonndeg** | **14** | *Déi räich Leit sin ëmmer gescheit* | Fuessonndeg - Vältesdag |
| Moundeg | 15 | *Déi schéi Medercher sin all an der Häll* | Fuesmoundeg |
| Daaschdeg | 16 | *De Mann weess, d'Fra weess et besser* | Fuesdaaschdeg |
| Mëttwoch | 17 | *Dem Noper séng Kiische sin déi bescht.* | Äschemëttwoch ● |
| Donneschdeg | 18 | *Dene Päärd, déi gutt zéien, leet ee vill op* | |
| Freideg | 19 | *Den Näid fresst un de Leiden wéi de Rascht um Eisen* | |
| Samschdeg | 20 | *De Paschtouer as eleng Meeschter an der Kiirch, ma nit an den Haiser* | |
| **Sonndeg** | **21** | *De Päärd an de Fraleit soll ee gutt Wuurt gin* | Ounesonndeg - Buurgsonndeg |
| Moundeg | 22 | *De Peffer bréngt de Mann op 't Päärd an d'Fra an d'Äärd* | |
| Daaschdeg | 23 | *De Räichen huet Ranner, den Aarmen huet Kanner* | |
| Mëttwoch | 24 | *De Räichtom brauch kee Momper* | Mathäisdag ◑ |
| Donneschdeg | 25 | *Der Däiwel gët méi schwaarz gemoolt wéi en as.* | |
| Freideg | 26 | *Der Däiwel wëllt sech zu allem schloen, awer nit fir Eedem wëllt e goën.* | |
| Samschdeg | 27 | *De Réider as nit besser wéi den Déider.* | |
| **Sonndeg** | **28** | *De Schlek kënnt esou wäit wéi de Fräsch* | Bounesonndeg |
| Méindeg | 29 | *De Schnapp as eppes fir déi räich Leit, déi kënnen him am beschten opwaarden* | |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ




AREELER LAND A SPROOCH

1988

*Souwill Doften am Määrz*
*souwill Räif a Fraschten am Mee.*

## Ternech : d'Kiirchgaass

# Määrz - Lenzmount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Daaschdeg | 1 | *De Schued wiisst an den Notzen* | |
| Mëttwoch | 2 | *De Vull die mueres päift, die frësst owes d'Kaz* | |
| Donneschdeg | 3 | *De Wiirt as sech selwer séng bescht Konn* | Kunigundendag ○ |
| Freideg | 4 | *D'Frae laache wa se kënnen a kräische wa se wëllen* | |
| Samschdeg | 5 | *D'Frae sin esou séiss wéi Zocker awer och esou raffinéiert* | |
| **Sonndeg** | **6** | *D'Fra kräischt vrun der Houchzäit, de Mann duerno* | Krounesonndeg |
| Moundeg | 7 | *D'Gecke sin och Leit, awer keng wéi déi aner* | |
| Daaschdeg | 8 | *D'Geess hätt och gär e laange Schwanz gehat, se huet awer kee kritt* | |
| Mëttwoch | 9 | *D'Gerechtegkeet huet eng wuessen Nues* | |
| Donneschdeg | 10 | *D'gutt Menong beschléisst d'Béist* | Halleffaaschten |
| Freideg | 11 | *Die fir 't letscht an de Sak krécht, muss fir 't éischt eraus* | ◐ |
| Samschdeg | 12 | *Die gesond as, as räich* | |
| **Sonndeg** | **13** | *Die gutt Been huet, huet dacks schlecht Stiwwelen* | Bratzelsonndeg - Hiirkesonndeg |
| Moundeg | 14 | *Die Kiirmes mécht, muss Geld hun* | |
| Daaschdeg | 15 | *Die mat Schuele bezuele kann, brauch keng Eer ze gin* | |
| Mëttwoch | 16 | *Die mengt, wéineg denkt* | |
| Donneschdeg | 17 | *Diemno de Mann, deemno d'Wosst* | Gertraudendag |
| Freideg | 18 | *Dien al Haiser keeft, gët sénges Geld lass* | ● |
| Samschdeg | 19 | *Dien as nit esou e Scheefchen, ewéi e Woll dréit* | Jousepsdag |
| **Sonndeg** | **20** | *Dien de Plou nët schierft, schierft 't Päärd* | Ellesonndeg |
| Moundeg | 21 | *Dien de Schued huet, brauch fir de Spott nit ze suergen* | |
| Daaschdeg | 22 | *Dien Een huet de Beidel, dien Aner huet 't Geld* | |
| Mëttwoch | 23 | *Dien engem Bauer e Gefalen deet, spillt äiser Herrgott e Schellemstéck* | |
| Donneschdeg | 24 | *Dien engem Spëtzbouf gleeft an 't Bett verkeeft, läit zäitlech mam Hënner am Stréi* | |
| Freideg | 25 | *Dien et nit besser weess, diem as 't Britt sou léif wéi 't Fleesch* | Maria-Verkënnegong ◑ |
| Samschdeg | 26 | *Dien iwwer den Ocks kënnt, kënnt och iwwer de Schwaunz* | |
| **Sonndeg** | **27** | *Dien näischt wot, dien näischt wënnt, dien näischt sicht, dien näischt fënnt* | Pällemsonndeg |
| Moundeg | 28 | *Dien nët bäisse kann, soll d'Zänn nit weisen* | |
| Daaschdeg | 29 | *Dien nit selwer hat, gët sele sat* | |
| Mëttwoch | 30 | *Dien nit traut, diem as nit ze trauen* | |
| Donneschdeg | 31 | *Dien Ongléck huet, brécht sech de Fanger am Bräi* | Gréngen Donneschdeg |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ




ARELER LAND A SPROOCH

# 1988

*T as keen Abrëll esou gutt,*
*e schneit dem Schéifer*
*op den Hutt.*

## Miezeg : d'Häärd um Statiounewee

# Abréil-Gecksmount

## Fréiléng

| | | | |
|---|---|---|---|
| Freideg | 1 | Dien opsteet, deem séng Plaz vergeet | Karfreideg |
| Samschdeg | 2 | Die sech nit sat ësst, dee leckt sech och nit sat | Karsamschdeg ○ |
| **Sonndeg** | **3** | Die vill huet as vill geplot, dien näischt huet nach méi | Ouschteren |
| Moundeg | 4 | Die wëllt wunne reng, bleift fir sech eleng | Ouschtermoundeg |
| Daaschdeg | 5 | D'Kanner vergiessen hir Mamm, eng Mamm hir Kanner nit | Ouschterdaaschdeg |
| Mëttwoch | 6 | D'Kazen, d'Judden an d'Preise gi béis, wann ee se mat hirem Numm nennt | |
| Donneschdeg | 7 | D'Léift huet kee Alter | |
| Freideg | 8 | D'Leit si gutt, wann een näischt mat en ze din huet | |
| Samschdeg | 9 | D'Leit si gutt wa se Geld hun, mee déi meescht hu keent | ◐ |
| **Sonndeg** | **10** | D'Medercher sin ewéi d'Kazen, gär geschmeechelt a krazen och gär | |
| Moundeg | 11 | D'Mënsche sin hires Ongléck schold | |
| Daaschdeg | 12 | D'Nout deet den Alen dreiwen | |
| Mëttwoch | 13 | D'Nuet as kenges Mënsche Frënd | |
| Donneschdeg | 14 | Domm gebuer, näischt bäigeléiert an de Rescht vergiess | |
| Freideg | 15 | D'Paschtoueschnëwwiën an d'Massendénger sin déi Ongezugenst am Duerf | |
| Samschdeg | 16 | Dräimol as gëttlech, véiermol as spëttlech | ● |
| **Sonndeg** | **17** | Dräimol geplënnert as esou gutt ewéi eemol verbrannt | |
| Moundeg | 18 | D'Rei, d'gutt Réit an déi schlamm Geesse kommen allzäit hanneno | |
| Daaschdeg | 19 | Dronke Wierder, anniichter Gedanken | |
| Mëttwoch | 20 | D'Rou kënnt dem Alter zou | |
| Donneschdeg | 21 | D'Sau wullt esou gutt ewéi de Béier | |
| Freideg | 22 | D'Uursaache si fir ze gebrauchen | |
| Samschdeg | 23 | D'Wëllef friesse sech nit ënnert sech | ◑ |
| **Sonndeg** | **24** | D'Welt as en Heeknapp, a wien am meeschten dervu rappt, dien huet am meeschten. | Fliederschersdag |
| Moundeg | 25 | E Bëlles mat de Päärd, e Bëlles mat de Leit | Marksdag |
| Daaschdeg | 26 | Ee Geck mécht der honnert | |
| Mëttwoch | 27 | Ee Mann ouni Fra as e Bam ouni Blieder | |
| Donneschdeg | 28 | Eemol gedronk as besser wéi dräimol getéckt | |
| Freideg | 29 | Eent Ee, keent Ee, zwee Eer, Spotteer, dräi Eer, Ouschtereer | |
| Samschdeg | 30 | Ee Weck dreift den Aner | |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ



ARELER LAND A SPROOCH

# 1988

*Owes Da a kill am Mä*
*Bréngt vill Wäin an Hä.*

Pass : d'Kiirchgaass

# Mä -Oktavsmount

| | | | |
|---|---|---|---|
| **Sonndeg** | **1** | *E Fraleitshor zitt méi wéi e Wissbaamsseel* | |
| Moundeg | 2 | *E Gaassenengel, en Hausdäiwel* | |
| Daaschdeg | 3 | *E Glas Wäin op d'Zopp schléit den Dokter op d'Kopp* | |
| Mëttwoch | 4 | *E gudde Frënd hieft de Sieschter, e schlechte schleeft en* | |
| Donneschdeg | 5 | *E gudden Iesel stéisst sech nëmmen eemol* | |
| Freideg | 6 | *E gudden Noper as méi wäärt wéi vill Geld am Schaf* | |
| Samschdeg | 7 | *E gudde Plang as hallef Aarbecht* | Tréischterin der Betrübten |
| **Sonndeg** | **8** | *E gutt Wuurt fënnt e gudden Uurt* | Mammendag |
| Moundeg | 9 | *Éierlech dauert am längsten, well et am mannste gebraucht gët* | |
| Daaschdeg | 10 | *Eiser Härgott as all Meedchen e Mann schëlleg* | |
| Mëttwoch | 11 | *Eiser Härgott huet d'Welt nit an engem Dag erschaf* | Bittgang op Lëtzebuurg |
| Donneschdeg | 12 | *E Knuet wéi eng Noss, kee Stach ëmsoss* | kristihimmelsfaart - d'Äishelleg |
| Freideg | 13 | *E laange Fuedem, eng faul Néinesch* | d'Äishelleg |
| Samschdeg | 14 | *E Mann, e Wuurt* | d'Äishelleg |
| **Sonndeg** | **15** | *E Méinsch ka sech verrieden, eng Kou sech vertrieden* | |
| Moundeg | 16 | *Ëmsoss as der Doud an 't kascht een nach 't Liewen* | |
| Daaschdeg | 17 | *En alen Hunn an eng jong Pëll gët e ganzt Nascht voll* | |
| Mëttwoch | 18 | *En alen Zaldot, en alen Heeschemann* | |
| Donneschdeg | 19 | *En ale Stot hält alles zu Rot* | |
| Freideg | 20 | *En aneren Dag, en anere Maart* | |
| Samschdeg | 21 | *En décke Beidel gët och eidel* | |
| **Sonndeg** | **22** | *En eidele Mo kann nit gutt sprangen, e vollen iwwerhaapt nit* | Päischten |
| Moundeg | 23 | *Eng Eier as deer aner wäärt* | Päischtemoundeg |
| Daaschdeg | 24 | *Engem Doudegen as en Dreck esou vill wéi en Äärpaangkech* | Päischtendaaschteg |
| Mëttwoch | 25 | *Engem geschuerene Schof miesst Gott de Wand erof* | |
| Donneschdeg | 26 | *Eng gutt Mamm hält warem bis iwwer 't Graf* | |
| Freideg | 27 | *Eng gutt Wuer lueft sech selwer* | |
| Samschdeg | 28 | *Eng hëlzen Duechter as besser wéi eng gëlle Schnauer* | |
| **Sonndeg** | **29** | *Eng uerg Fra as die beschten Zonk ëm 't Haus* | Dräifaltegkeetsdag |
| Moundeg | 30 | *Ënner zwielef as ëmmer een, diem een nit traue kann* | |
| Daaschdeg | 31 | *En Zwak brauch esouvill wéi e Sak* | |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ




*Juni Füücht a Waarm*
*mécht de Bauer aarm.*

1988

**Sues : d'Groussgaass**

# Juni – Broochmount

## Rousemount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Mëttwoch | 1 | *E Preiss an en Iesel huet ëmmer e Streech fir säin Här* | |
| Donneschdeg | 2 | *Esou dacks op den Trach, geschwënn ee Lach.* | |
| Freideg | 3 | *E Sprachwuert, e Wouerwuert.* | |
| Samschdeg | 4 | *Et as kee Schellem esou verlunn, e gët alt emol bedrunn.* | |
| **Sonndeg** | **5** | *Et as kee Schued esou grouss, et as ëmmer e Profit derbäi.* | Zerläichendag |
| Moundeg | 6 | *Et deet dem Ochs alt nach gutt, wann e bei der Kou steet.* | |
| Daaschdeg | 7 | *Et duerf een nit méi wäit schwammen ewéi ee Waasser huet.* | |
| Mëttwoch | 8 | *Et geet een nit bei de Schmiddchen, wann ee bei de Schmadd ka goen.* | |
| Donneschdeg | 9 | *Et gi vill gedëlleg Schof an engem Stall.* | |
| Freideg | 10 | *Et huet een nach selen e brawe Preiss an e gréngen Hond gesinn* | |
| Samschdeg | 11 | *Et muss een esou gutt fir 't Ongléck zillen, ewéi fir 't Gléck.* | |
| **Sonndeg** | **12** | *Et muss een nit jäizen bis ee geschloë gët* | Pappendag |
| Moundeg | 13 | *Et muss ee stierwe fir gelueft ze gin.* | |
| Daaschdeg | 14 | *Et soll ee sech nit ausdin, éier ee schlofe geet* | |
| Mëttwoch | 15 | *Et stierft een nëmmen eng Kéier* | |
| Donneschdeg | 16 | *Et weess ee wuel wéi ee schlofe geet, awer nit wéi een opsteet* | |
| Freideg | 17 | *Fir de bore Su kritt een alles.* | |
| Samschdeg | 18 | *Fir d'Steemetzer as am Summer keng Fläsch ze deier an am Wanter keng Kuuscht ze haart.* | |
| **Sonndeg** | **19** | *Fir en Ziwwi ze maachen, muss een en Hues hun* | |
| Moundeg | 20 | *Fir schwammen ze léiere muss een an 't Waasser* | |
| Daaschdeg | 21 | *Flott gelieft a séileg gestuerf as dem Däiwel d'Rechnong verduerf* | |
| Mëttwoch | 22 | *Fraëgonscht an Harfeklank, 't as wuel schéin awer 't dauert nit laang* | |
| Donneschdeg | 23 | *Freier a Männer as zweeërlee* | |
| Freideg | 24 | *Fuerderen a Bidde mécht de Maart* | |
| Samschdeg | 25 | *Geld as déi bescht Wuer, se zitt summesch wéi wantesch.* | |
| **Sonndeg** | **26** | *Geld ewechléinen a sech krazen deet nëmmen eemol gutt* | |
| Moundeg | 27 | *Geld léinen as liicht, et erëmgin as méi schwéier* | |
| Daaschdeg | 28 | *Geschoss as nach laang nët getraff* | |
| Mëttwoch | 29 | *Grimmele sin och Brout* | Péiteschdag |
| Donneschdeg | 30 | *Gudde Kascht a kuurze Weedgank, dat mäscht* | |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ




ARELER LAND A SPROOCH

# 1988

d'Julisonn schafft fir zwee.

## Nidderälter : 't Schlass

# Juli-Heemount

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| Freideg | 1 | *Gutt Geschir as d'hallef Aarbecht* | | |
| Samschdeg | 2 | *Hannert dem Uewen as gutt krichen* | Maria heimsuchung | |
| **Sonndeg** | **3** | *Hues de Suen, da bas de mer léif, du séis Schellem odder Déif* | | |
| Moundeg | 4 | *Jidderee priedegt fir séng Par* | | |
| Daaschdeg | 5 | *Jidderee spiirt säint* | | |
| Mëttwoch | 6 | *Jidder Nar geet séng Kap* | | ◑ |
| Donneschdeg | 7 | *Jiddferengem säint, dann huet der Däiwel näischt* | Hl. Willibrord | |
| Freideg | 8 | *Kal Hänn, warem Léift* | | |
| Samschdeg | 9 | *Këmmert jidderee sech sénger Saach, da fällt kee Schneider vum Daach* | | |
| **Sonndeg** | **10** | *Keng Mamm huet en Houerekand* | Donatisdag an Areler Kiirmes | |
| Moundeg | 11 | *Keng méi Sue, keng méi Freed* | | |
| Daaschdeg | 12 | *Kleng Däppercher hun och Oueren* | | |
| Mëttwoch | 13 | *Kleng Kanner trieden der Mamm op de Schouss, grousser op 't Häärz* | | ● |
| Donneschdeg | 14 | *Kleng Medercher hun dacks grouss Oueren* | Donatismass zu Arel | |
| Freideg | 15 | *Kleng Mouken hun och Gëft* | | |
| Samschdeg | 16 | *Kuurz Stiller gët keng Kiischen* | | |
| **Sonndeg** | **17** | *Laang as nët éiweg* | | |
| Moundeg | 18 | *Looss déi jong Leit liewen an déi al Leit stierwen* | | |
| Daaschdeg | 19 | *Loosse mer dat Gutt hoffen, dat Schlecht kënnt vum selwen* | | |
| Mëttwoch | 20 | *Maach wéi d'Leit, da geet et der wéi de Leit* | Maargrittendag | |
| Donneschdeg | 21 | *Mais zille keng Elefanten* | | |
| Freideg | 22 | *Mat engem frieme Päärd an egene Spuere wäärd kee wäit an huerteg fueren* | | ◐ |
| Samschdeg | 23 | *Mat guddem Wëlle mécht ee vill* | | |
| **Sonndeg** | **24** | *Mat gudder Wuer as kee verluer* | | |
| Moundeg | 25 | *Mat räiche Leit as all Mënsch frëndlech* | Jokobsdag | |
| Daaschdeg | 26 | *Mat Speck fänkt ee Mais* | Anendag | |
| Mëttwoch | 27 | *Matte, Mais, Mëschen a Muede kënnen nëmme schueden* | | |
| Donneschdeg | 28 | *Medercher an Eer versuerge sech nit laang* | | |
| Freideg | 29 | *Mënsch, begann dech, Gott hëlleft* | | |
| Samschdeg | 30 | *Muerestonn huet Gold am Monn awer Bläi am Pokes* | | ○ |
| **Sonndeg** | **31** | *Näischt as gutt fir an d'Aen* | | |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ




ARELER
LAND A SPROOCH

1988

*August ouni Feier
mécht dat Brout deier.*

**Attem : d'Maartplaz**

# August-Huewermount
## Aascht-Karschnatz

| | | | |
|---|---|---|---|
| Moundeg | 1 | *Näischt gesot as och geschwat* | |
| Daaschdeg | 2 | *Näischt zevill am Äifer* | |
| Mëttwoch | 3 | *Nei Frënn as wéi d'Melounen: 't muss een der zwaunzeg erausriche fir ee gudden ze fannen* | |
| Donneschdeg | 4 | *Neijooschbréif, Ligebréif* | |
| Freideg | 5 | *Nët geschoss as ëmmer gefeelt* | |
| Samschdeg | 6 | *Nout as der Léift hiren Doud* | |
| **Sonndeg** | **7** | *Ongléck am Spill, Gléck an der Léift* | |
| Moundeg | 8 | *Onkraut vergeet nit* | |
| Daaschdeg | 9 | *Onrecht Gutt kënnt sele bis an dat véiert Blutt* | |
| Mëttwoch | 10 | *Onverhofft, kënnt oft* | Lorenzdag |
| Donneschdeg | 11 | *Op een Näischnotz geet et nët un, d'Welt leeft voll* | |
| Freideg | 12 | *Owes nit schlofen a muerges nit op, faul, liddreg a glott* | |
| Samschdeg | 13 | *Pak schléit sech, Pak verdréit sech* | |
| **Sonndeg** | **14** | *Ploue breet an dënn, dat geet geschwënn* | |
| Moundeg | 15 | *Probéiere geet iwwer Stodéieren* | Léiffrakrautdag |
| Daaschdeg | 16 | *Schéi Medercher an zrasse Kleder bleiwe gär hänken* | |
| Mëttwoch | 17 | *Schéin as nët schéin, gefale mécht schéin* | |
| Donneschdeg | 18 | *Schneid 't Brout gläich, da gës de räich* | |
| Freideg | 19 | *Schwätzen as keng Wuer* | |
| Samschdeg | 20 | *Schwäi si Schwäin a wa se mam Zilinder am Bett leien* | |
| **Sonndeg** | **21** | *Setz keng Kanner op d'Welt, wann-s de se nit erhale kanns* | |
| Moundeg | 22 | *Soubal een op der Welt as, as een al genuch fir ze stierwen* | |
| Daaschdeg | 23 | *Spëktakel as kee Bewäis* | |
| Mëttwoch | 24 | *Spréchwuert, Wouerwuert* | |
| Donneschdeg | 25 | *Stramm Riichter rejhéieren nit laang* | |
| Freideg | 26 | *'T as kee Gebrauch, datt een d'Hënn mat Zoossiss ustréckt* | |
| Samschdeg | 27 | *'T as keen Ongléck esou grouss, 't huet e Gewonn am Schouss* | |
| **Sonndeg** | **28** | *'T as kee Samschdeg esou dréif, d'Sonn schéngt der Muttergottes zu léif* | |
| Moundeg | 29 | *'T as näischt iwwer 't Gedrénks fir den Duuscht ze läschen* | |
| Daaschdeg | 30 | *'T as schlecht ageriicht op der Welt, dien een huet de Beidel, dien aneren 't Geld.* | |
| Mëttwoch | 31 | *'T A vun der Fra hält d'Stuff propper* | |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ



Edit. L. Duparque, Florenville. Fouches. — Maison Thiry-Hames.

# 1988

*Septemberwieder waarm a klor verheescht ee gutt Jor.*

Affen : bei Kabes Kätt

# September-Hierschtmount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Donneschdeg | 1 | 'T Fleesch schmaacht nom Raach | Ägidisdag |
| Freideg | 2 | 'T Froen an 't Gebidde mécht de Maart | |
| Samschdeg | 3 | 'T Geld as e gudden Dénger awer e schlechte Meeschter | ◑ |
| **Sonndeg** | **4** | 'T Geschir weist d'Aarbecht | Bittgang op Kaschbuur |
| Moundeg | 5 | 'T gët keng Zopp esou waarm giess wéi se gekacht gët | |
| Daaschdeg | 6 | 'T kann een näischt aus engem Stee schloen | |
| Mëttwoch | 7 | 'T Këssen as d'Sprooch vun der Léift | |
| Donneschdeg | 8 | 'T muss ee laang faaschte fir sat ze gin | Mariagebuurt |
| Freideg | 9 | 'T muss ee laang faaschten, éier een zwéin Zënner weit | |
| Samschdeg | 10 | 'T muss ee mat de Medercher danzen deen een huet | |
| **Sonndeg** | **11** | 'T muss ee schwätzen wéi de Schniewel engem gewuess as | ● |
| Moundeg | 12 | 'T muss ee sech nit gin, soulaang as eng Kniedel am Dëppen as | |
| Daaschdeg | 13 | 'T muss ee sech vill ploen, fir 't Liewe méisseg erduurch ze kréien | |
| Mëttwoch | 14 | 'T misst een am Summer Schoulmeeschter an am Wanter Steemetzer sin, dann hätt een et gutt | Kräizdag |
| Donneschdeg | 15 | 'T Ongléck priedegt besser ewéi zwee Paschtéier | |
| Freideg | 16 | 'T Probéiere geet iwwer 't Stodéieren | |
| Samschdeg | 17 | 'T schäärft kee sech, dees 't géint hie bäissen | |
| **Sonndeg** | **18** | 'T schmaacht näischt besser wéi dat, wat ee selwer ësst | |
| Moundeg | 19 | 'T sin der méi vum gudden Iesse geschtuerwen, wéi vu morem Kascht | ◐ |
| Daaschdeg | 20 | 'T sollen nit méi Fraleit an engem Haus sin ewéi Bakueweläecher | |
| Mëttwoch | 21 | 'T Stierwen as déi letzt Dommheet, déi ee mécht | Téiwesdag |
| Donneschdeg | 22 | 'T Stierwe léisst ee bis zum letzten | |
| Freideg | 23 | 'T Stierwe wär e Spaass, wann der Doud nit erfond wär | |
| Samschdeg | 24 | 'T weess ee wat een huet, mä 't weess een nit wat ee kritt | |
| **Sonndeg** | **25** | Uewe blénken, ënne sténken | ○ |
| Moundeg | 26 | Uewenerëm e Spëtzkranz, ënnenerëm de Läpp nit ganz | |
| Daaschdeg | 27 | Ufank an Enn rääche sech d'Hänn | |
| Mëttwoch | 28 | Un der Nues erkennt een den Hues | |
| Donneschdeg | 29 | Un enger décker Schmier as nach keen erhéngert | Méchelsdag |
| Freideg | 30 | Versoffe Riede sin aniichter Gedanken | |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ




ARELER LAND A SPROOCH

1988

*Vill Reen am Oktober*
*Vill Wand am Dezember.*

Éiden : d'Kiirchplaz

# Oktober-Wäimount

## Gromperemount-Reismount

| | | |
|---|---|---|
| Samschdeg | 1 | *Vill Geschwätz a wéineg Fett gët dënn Zoppen* |
| **Sonndeg** | **2** | *Vill Reen a wéineg Schnéi deet de Soten an de Beem wéi* |
| Moundeg | 3 | *Vum Faaschte krepéieren d'Hënn* |
| Daaschdeg | 4 | *Vum Matgin as nach kee méi aarm gin* |
| Mëttwoch | 5 | *Vum Schaffen as nach kee räich gin* |
| Donneschdeg | 6 | *Vum Wand ka kee liewen* |
| Freideg | 7 | *Vun enger Bees bleift keng blo Plaz* |
| Samschdeg | 8 | *Vun engem schéinen Teller ësst ee sech nit sat* |
| **Sonndeg** | **9** | *Waarm Féiss a kille Kapp maachen een zum alen Dapp* |
| Moundeg | 10 | *Waasser drénke gët Fräschen an de Bauch* |
| Daaschdeg | 11 | *Wann all Vulle päifen, da maach du «schipp»* |
| Mëttwoch | 12 | *Wann äiser Härgott engem d'Kraaft hëlt, da soll en engem och d'Naupen huelen* |
| Donneschdeg | 13 | *Wann d'Dommheet wéi déng, wat géif dat fir eng Peng op der Welt* |
| Freideg | 14 | *Wann d'Drecksvulle päife, gët et Reen* |
| Samschdeg | 15 | *Wann de Ginst bléit, sin d'Fraleit geckeg* |
| **Sonndeg** | **16** | *Wann déi Domm géiwe jäizen, da sollt der emol Kreesch héieren op der Welt* |
| Moundeg | 17 | *Wann den Dreck Mëscht gët, da wir ee gär gefouert* |
| Daaschdeg | 18 | *Wann den Hond nit geschass hätt, dann hätt en den Hues kritt* Luksdag |
| Mëttwoch | 19 | *Wann d'Feier am Stréi as, dann as kee Läsches méi* |
| Donneschdeg | 20 | *Wann d'Fraë vun de Männer schwätzen hun s'ëmmer eppes auszesetzen* |
| Freideg | 21 | *Wann d'Kaz fort as, sin d'Mais Meeschter* |
| Samschdeg | 22 | *Wann d'Mamm fort as, danzen d'Kanner de Scheres* |
| **Sonndeg** | **23** | *Wann d'Nout am gréissten as, as d'Hëllef am noosten* |
| Moundeg | 24 | *Wann d'Schwäin sat sin, stousse se den Trach ëm* |
| Daaschdeg | 25 | *Wann ee Muurten ësst, léiert ee gutt päifen* |
| Mëttwoch | 26 | *Wann een alles wéisst, hätt een nach Zäit genuch fir räich ze gin* |
| Donneschdeg | 27 | *Wann een all Stee misst rafen, dann hätt ee geschwänn e Schouss voll* |
| Freideg | 28 | *Wann een de Kanner de Wëllen deet, da kräiche se nit* |
| Samschdeg | 29 | *Wann een e Fierkel këddelt, da leet e sech an den Dreck* |
| **Sonndeg** | **30** | *Wann een en Efalt anzwuer schéckt, da kritt een en Dabo erëm* |
| Moundeg | 31 | *Wann een eng Nuecht mat engem Steemetzer schlofe gaang as, kennt een 't Handwierk* |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ



# 1988

*November hell a klor*
*as iwwel fir 't nächst Jor.*

## Häärzeg : d'Groussgaass

# November-Wantermount
## Allerhelgemount-Niwwelmount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Daaschdeg | 1 | *Wann een e Paschtouer ze Waasserbëlleg këtzelt, da kräischen déi zu Metz* | Allerhellegen |
| Mëttwoch | 2 | *Wann een nit ka Wollef sin, da muss ee Fuuss sin* | Allerséilen |
| Donneschdeg | 3 | *Wann emol ee Schof bis iwwer de Gruef as, da kommen déi aner no* | Hubertusdag |
| Freideg | 4 | *Wann eng Patent op d'Dommheet wir, bräichte mer geschwë keng Schätzénge méi ze bezuelen* | |
| Samschdeg | 5 | *Wann e Stee vum Himmel fällt, da fällt en op eng arem Witfra* | |
| **Sonndeg** | **6** | *Wann-s d'eppes gemät wëlls hun, da maach et selwer* | |
| Moundeg | 7 | *Wann 't Kallef am Pëtz läit, da mécht een den Deckel drop* | |
| Daaschdeg | 8 | *Wanterfierkelen a Summerkanner rujenéieren de Bauer* | |
| Mëttwoch | 9 | *Wat dech nit ugeet, brauchs de nit ze läschen* | |
| Donneschdeg | 10 | *Wat den Dag helleger as, wat den Däiwel rosener as.* | |
| Freideg | 11 | *Wat der Däiwel nit weess, dat weess eng al Fra* | Määrtesdag |
| Samschdeg | 12 | *Wat een am Soff auspaakt, denkt een aniichter* | |
| **Sonndeg** | **13** | *Wat een nit ka leiden, muss ee meiden* | |
| Moundeg | 14 | *Wat engem ugewuess as, jeet de Wand nit ewech* | |
| Daaschdeg | 15 | *Wat en Ochs méi laang an e Päärd méi kuurz, desto besser.* | |
| Mëttwoch | 16 | *Wat en Ufank huet, huet och en Enn.* | |
| Donneschdeg | 17 | *Wat fir een as, dat kritt een* | |
| Freideg | 18 | *Wat méi domm, wat méi frech.* | |
| Samschdeg | 19 | *Wat méi jonk, wat méi geckeg.* | |
| **Sonndeg** | **20** | *Wat méi, wat léiwer.* | |
| Moundeg | 21 | *Wéi een an de Bësch rifft, sou schaalt et erëm.* | |
| Daaschdeg | 22 | *Wéi ee sech gewinnt, sou huet ee sech* | |
| Mëttwoch | 23 | *Wéi gebuer, esou zrass* | |
| Donneschdeg | 24 | *Weis Réit zéien d'Kar nit aus dem Dreck.* | |
| Freideg | 25 | *Wëlleg Schëllere loosse sech d'Zäit nit laang gin.* | Katréngendag |
| Samschdeg | 26 | *Wëllkeschmiel gët Wëllkeschpaangkech.* | |
| **Sonndeg** | **27** | *Wie beim Patt as, die seent sech dermat* | Adwent |
| Moundeg | 28 | *Wie beim Wäiwaasser as, die seent sech.* | |
| Daaschdeg | 29 | *Wie bleift bei der éischter Éi, die kennt weder Usch nach Wéi.* | |
| Mëttwoch | 30 | *Wie gär danzt, diem as liicht spillen.* | |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ




1988

*Krëschtdag am Klé.*
*Ouschterdag am Schnéi.*

## Arel : d'Lëtzebuurger Strooss

# Dezember-Krëschtmount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Donneschdeg | 1 | *Wie gär e Maufel hëlt, muss de Mond opdin* | Luiëndag |
| Freideg | 2 | *Wie laang Fangeren huet, muss och laang Been hun.* | |
| Samschdeg | 3 | *Wie laang schléift, diem säi Gutt verdierft* | |
| **Sonndeg** | **4** | *Wie laang schléift, schléift sech warem, wie fréi opsteet, ësst sech arem* | |
| Moundeg | 5 | *Wie mech geléiert huet zéien, huet mech och geléiert zréckhalen* | |
| Daaschdeg | 6 | *Wie mengt, die weess näischt* | Niklosdag |
| Mëttwoch | 7 | *Wien dänzereg as, diem as jidd Spillmann geriecht* | |
| Donneschdeg | 8 | *Wien de Spillmann opsetzt, muss een och bezuelen.* | |
| Freideg | 9 | *Wien d'meescht bitt, kritt 't Haus zougeschlon* | |
| Samschdeg | 10 | *Wien näischt mécht, dien näischt brécht* | |
| **Sonndeg** | **11** | *Wien Neider huet, huet Brout, wie keng huet, leit Nout* | |
| Moundeg | 12 | *Wien nit schwätzt, vermault sech nit* | |
| Daaschdeg | 13 | *Wien opsteet, diem d'Plaz vergeet.* | |
| Mëttwoch | 14 | *Wie séint, die méint.* | |
| Donneschdeg | 15 | *Wie vill dréit, kritt vill opgelueden* | |
| Freideg | 16 | *Wou den Zonk niddreg as, spréngt jiddereen driwwer* | |
| Samschdeg | 17 | *Wou d'Fra d'Box huet, do wéckelt de Mann d'Kanner* | |
| **Sonndeg** | **18** | *Wou d'Fra nit haust, wou d'Kaz nit maust an den Hond nit billt as de Mann verspillt* | |
| Moundeg | 19 | *Wou dräi Méchelen op engem Haff sin, do brauch de Bauer keen Hond ze halen* | |
| Daaschdeg | 20 | *Wou et de Gebrauch as, do gët de Pompelnéckel an der Kiirch gesong* | |
| Mëttwoch | 21 | *Wou Geld as, as der Deiwel, wou keent as, as en zweemol* | |
| Donneschdeg | 22 | *Wou näischt as, geet näischt verluer.* | |
| Freideg | 23 | *Wou Nëss sin, do fanne sech Knéppelen* | |
| Samschdeg | 24 | *Wou Wäck sin, wëlle Wäck hin.* | |
| **Sonndeg** | **25** | *Zergutts geplout, zergutts geséint a vëlleg Dong, dat as de Fong* | Krëschtdag |
| Moundeg | 26 | *Zevill as ongesond a wann et och Kuch mat Hunneg wär.* | Stefensdag |
| Daaschdeg | 27 | *Zevill schaarf gët gär stompeg* | |
| Mëttwoch | 28 | *Zevill zerräist de Sak* | Kindheet |
| Donneschdeg | 29 | *Zwee wësse méi wéi een* | |
| Freideg | 30 | *Zwéi gesi méi wéi een.* | |
| Samschdeg | 31 | *Zwéi rauer Steng muele sele reng* | Zilwesterdag |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ